



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

REÇU

Par Christine Wirtgen , 14:10, 28/09/2020

Luxembourg, le **28 SEP. 2020**
Réf. QP-66/20

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
Luxembourg

Objet : Question parlementaire n°2720 du 25 août 2020 de l'honorable Député Sven Clement

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe ma réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

La Ministre de la Justice



Sam TANSON

**Réponse de Madame Sam TANSON, Ministre de la Justice à la question parlementaire
n°2720 de l'honorable Député Sven Clement**

1. Wéi ass et ze begrënnen, datt eng Prozedur, deenen d' Leit an Entreprises sech mussen ënnerzéien, fakturéiert gëtt?

De Registre des Bénéficiaires Effectifs (RBE) ass duerch d' Gesetz vum 13. Januar 2019 iwver den Registre des Bénéficiaires Effectifs entstanen wat den Artikel 30 vun der ofgeännerten Direktiv (UE) 2015/849 am lëtzebuergem Recht transposéiert huet.

De Registre des bénéficiaires effectifs ass e Register dee getrennt vum Registre de Commerce ass an dem seng Gestiouen duerch den Artikel 5 vum Gesetz vum 13. Januar 2019 un de Luxembourg Business Registers (LBR) delegéiert ginn ass.

Fir d' Käschten die duerch de RBE entstinn ofzedecken, huet d' Gesetz vum 13. Januar 2019 am Artikel 16 folgend virgesinn: *« la rémunération du gestionnaire pour les coûts de fonctionnement et d'utilisation du registre des bénéficiaires effectifs est fixée par règlement grand-ducal dans la limite des coûts de fonctionnement et d'utilisation encourus. »*, wat konform ass zum Artikel 30 (5bis) vun der ofgeännerter Direktiv 2015/849.

Den Artikel 11 vum Règlement Grand-Ducal vum 15 Februar 2019 gesäit an dem Zesammenhang fir, dass bei der Aschreiwung vun de Bénéficiaires effectifs d' Fraien wéi se an der Annexe vum Règlement Grand-Ducal detailléiert sinn ze bezuelen sinn.

Et soll awer hei rappeléiert ginn dass während den 6 éischt Méint d' Inscriptiounen gratis waren (Artikel 27 vum Gesetz vum 13. Januar 2019 an Artikel 13 vum Règlement Grand-Ducal vum 15. Februar 2019) an dass dës Mesure vum LBR verlängert ginn ass während den zousätzlech Délai administratif vun 2 Méint deen nodeems den éischten Délai ofgelaf war accordéiert ginn ass.

2. Wéi eng Käschte gi mat de 15€ Aschreiwung Fraise gedeckt?

Fraise vun 15 Euro sinn do fir d' Fonktionnement Käschten vum LBR ze droen. Dat deckt souwuel déi Informatesch Infrastruktur- an Developpement Käschten wéi d'Personal- an d'Büro-Käschten.

3. Wéi eng Käschte gi mat den 20€ Supplement gedeckt?

De Guichet d'assistance ass am Artikel 4 (2) vum Reglement Grand-Ducal vum 15 Februar 2019 virgesinn. D'Zil ass dass d' Leit, die net d' Informatesch Material hunn oder den Online Déngscht vum LBR net wëllen benotzen, vun engem Employé vum LBR kënne assistéiert kënne ginn fir d' Aschreiwung ze maachen.

D'Fraien vun 20 € sinn geduecht fir d'Personal Käschten an Fraien die am Zesammenhang mam Bedreiwen vun engem physeschen Büroen entstinn.

4. Wéi vill Recetten huet den RBE bis ewell mat den Aschreiwunge generéiert ?

Zwëschen den 1. März 2019 an den 30 Juni 2020 sinn 330 375 € als Recetten vir Aschreiwungen am RBE generéiert ginn.

5. Wéi vill Aschreiwunge goufen insgesamt iwwert de Guichet d'Assistance gemaach?

Zwëschen den 1. März 2019 an den 30 Juni 2020 sinn 327 Aschreiwungen iwwert den Guichet d'assistance gemat ginn. D'Halschent vun den Aschreiwungen hunn ASBLen concernéiert.